ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

REÇU
Par Magda Santos , 08:39, 06/12/2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 5. Dezember 2022

Här President,

mat dësem Schreiwes wéilt ech eng Interpellatioun no Artikel 88 vun eisem Chambersreglement ufroen.

Thema vun der Interpellatioun: **Entwécklung a Bekämpfung vun der Kriminalitéit zu Lëtzebuerg**

D'Kriminalitéit hëlt zu Lëtzebuerg substantiell zou. Sécherheet a Sécherheetsgefill huele substantiell of. Sou sinn dem Statec no an de leschten 20 Joer d'Zuel vu Strofdote géint Persoune bal ëm 400 Prozent eropgaangen an d'Zuel vu Gewaltakte géint Persounen ëm 300 Prozent. D'Zuel vun den Awunner ass an deem Zäitraum ëm 50 Prozent gewuess.

Iwwerdeems sinn Iwwerfäll mat Gewalt vun 2020 op 2021 em 20,24 Prozent eropgaangen. Och d'Jugendkriminalitéit hëlt zou, an de leschte Méint sinn hei besonnesch eng Partie brutal Bande vun der Police identifizéiert ginn.

Bei dëser Interpellatioun sollen ënner anerem dës Sujeten traitéiert ginn:

- D'Zouhuele vun der Kriminalitéit zu Lëtzebuerg, ganz besonnesch kriminell Akten, déi mat Gewalt verbonne sinn,
- Transparenz a Kommunikatiounspolitik am Hibléck op d'Kriminalitéit vu Säite vun der Regierung, respektiv, den zoustännegen Autoritéiten,
- D'Feele vu Statistiken a soziologeschen Donnéeën iwwert Täter an Affer,
- Moossname fir effikass géint d'Kriminalitéit virzegoen.

Mat déiwen Respekt,

Fred Keup,

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+352) 463742